

N°5917
Reçue le 10.03.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, 11.03.2022

Här Fernand Etgen

President vun der Chamber



Lëtzebuerg, den 10. Mäerz 2022

Här President,

Esou ewéi et am Chambersreglement virgesinn ass, géing ech Iech bidden des parlamentaresch Fro un d'Madame Inneministesch weiderzeleeden.

D'lescht Woch huet den Inneministère annoncéiert, datt en neie Warnsystem fir d'Bevëlkerung op d'Bee gestallt gëtt. Bis Enn des Jores soll déi nei Plattform operationell sinn an och e System drun ugeschloss ginn, deen et erméiglecht, cibléiert SMSen u Leit ze schécken.

Vun der neier Plattform aus kënne vill verschidde Kanäl gespeist ginn, déi d'Leit am Fall vu Katastrophen oder Intemperien, wéi zum Beispill engem Stuerm oder Iwwerschwemmungen, solle warnen. Dozou zielen ënner anerem SMSen, Communiquéen un d'Press oder d'GouvAlert-App.

Laut Informatiounen vun der Presse hofft ee bis am spéide Summer 2023, och e sougenannte "Cell Broadcast" kënne z'offréieren. Bei deem System gëtt permanent vun de Sendemasten aus eng Push-Noriicht un all mobil Geräter geschéckt, déi sech an engem Geforeberäich befannen. De Virdeel heivunner ass, datt jiddereen, dee vun der Gefor betraff ass, alertéiert gëtt. Dat heescht, och Leit, déi réischt méi spéit an déi Zone erakommen.

An enger éischter Phase soll d'GouvAlert-App weider ausgebaut ginn. An enger zweeter Phase ginn dann net nëmmen Alerten zougestallt, mä et kann ee sech och fir méi cibléiert Informatiounen abonéieren.

Beim Système d'alerte wëll een iergendwann dohinner kommen, datt dëse souwäit automatiséiert gëtt wéi méiglech, fir séier ze reagéieren am Fall vu Geforen. Sou kann een sech virstellen, divers Miesstatiounen un dësen unzeschléissen, genausou wéi och de Galileo-Warning-System, deen iwwer Satellit funktionéiert.

D'EU-Direktiv 2018/1972 iwwert den europäesche Kodex fir elektronesch Kommunikatioun gesäit vir, datt fir de Summer 2022 europawäit performant öffentlech Warnsystemer am Asaz sinn.

Virun dësem Hannergrond hunn ech folgend Froen un d'Regierung:

- Ass d'Regierung der Meenung, datt mat der neier Plattform d'Ziler zu den öffentleche Warnsystemer wéi vun der Direktiv 2018/1972 virgesinn, zefriddestellend ëmgesat sinn?
- Ginn et Berechnunge wéi séier d'Majoritéit vun der Populatioun am Fall vun enger akuter Gefor ka gewarnt ginn, esouwuel mam aktuelle System wéi och mam zukünftege Cell Broadcasting?
- Wann nee, deelt d'Regierung d'Meenung datt esou Berechnunge sënnvoll wieren?
- Stëmmt et, dass Cell Broadcasting eréischt Enn Summer 2023 operationel ka sin?
- Wa jo, wat sinn d'Contrainen, datt dat net méi séier geet?
- Wisou gouf dat net éischer an d'Weeër geleet?
- Kéint mam aktuelle System d'Populatioun gewarnt ginn, wann international Internetverbindunge gestéiert wieren? Wéi wier dat am Fall vu Cell Broadcasting?

Här President, ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.



Max Hengel

Deputéierten